ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Et kommen ëmmer nees ganz intressant Virschléi fir den Déngscht un der Waff méi attraktiv ze maachen. Dobäi gëtt och net vergiess, datt net just zaldotesch Effikassitéit mee och dat kierperlecht a geeschtegt Wuelbefanne vun de Militär wichteg sinn. Dat weist och d'Fuerderung no enger adequater psychologescher Betreiung. An dem Kader wéilt ech dem Här Verdeedegungsminister dës Froe stellen:

1. Huet d'Lëtzebuerger Arméi op Grond vun hiren Auslandsasätz scho mat Fäll vu PTSD (Post Traumatic Stress Syndrome) ze di gehat?
2. Wa jo, sinn déi Leit heiheem oder am Ausland behandelt ginn? An zivilen oder militäreschen Infrastrukturen?
3. Wat ass geplangt fir d'Preventioun ze verbesseren an, am Fall vun engem Problem, besser kënnen ze hëllefen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten